

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Corinne Cahen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Carole Hartmann) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Sam Tanson) ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8351 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la publicité des réunions des commissions parlementaires

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour vum haut, dem Änderungsversuch vum Chambersreglement 8351 iwwert d'Publicitéit vum de Kommissiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéit fénnef Minutten an d'Regierung hält hei zéng Minutten, mee vu datt et e Reglement vum der Chamber ass, denken ech, ass dat net de Fall. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här Gilles Baum, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Fred Keup, den Här Sven Clement, d'Wuert ass elo fir d'Rapportrice vum Änderungsversuch, d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice | Jo, merci, Här President an Iech och alleguerten. Ech mengen, et ass och schon e bëssen haut an der Press ugeklongen: Et ass en historieschen Dag eigentlech fir dëst héicht Haus, well mer e weidere ganz wichteg Schratt a Richtung Transparenz maachen.

An deene leschte Joerzénge huet d'Chamber scho méi wéi eng esou eng Etapp geholl gehat, wou et drëms gaangen ass, sech unzepassen, sief et un d'Entwécklung vum der Gesellschaft oder och un d'Entwécklung vum de Meedien. An dat hei ass eng, déi scho ganz laang an der Diskussioun ass a wou ech frou sinn, dat elo haut hei als Rapportrice virstellen ze kënnen.

Wann een eng Kéier zrëckkuckt ... Ech maachen elo net de ganzen Historique – ech hu mer soe gelooss, deen een oder deen anere géif sech déi Méi elo maachen –, mee wann een eleng déi lescht Jore kuckt, si vun iwwerhaupt emol der Retransmissioun iwwer Chamber TV – et gesäit een d'Ecranen hei – bis och zu der Publicitéit vum de Rapporte vum de Kommissiounen scho wichteg Schrëtt gemaach ginn, fir déi Aarbecht,

déi heibanne leeft, der breeder Effentlechkeet e bësse méi zougänglech ze maachen.

Am Fong ass et jo do, wou déi richteg Detailaarbecht geschitt, dat wësst der alleguerten, an de Kommissiounen, wou wierklech d'Gesetzesprojeten iwwerschaaft ginn, wou nach méi Detailler erkläert ginn, wou een och vläicht déi eng oder aner Ännerung besser kann novollzéien, och fir e Professionellen, deen herno eppes nosiche geet, soudass et kann extreem interessant sinn, do den Detail vum deenen Diskussiounen nozevollzéien.

An ech sinn och als Rapportrice extreem frou, dass mer déi Bedenken, déi laang am Raum stoungen, dass dat vläicht déi ganz Aarbecht an de Kommissiounen géif méi politiséieren oder erauszögeren, elo konnten all zesummen iwwerwannen an hei deen Text all zesumme konnten op den Instanzewee ginn, sachant, dass schon 2019 eng Resolutioun vum der CSV an dësem Sënn deposéiert gi war, dass de Chamberspräsident bei senger Untrëttsried dat och nach eng Kéier als ee vu sengen Objektiv gesot hat an déi gréng dunn och eng Resolutioun an deem Sënn deposéiert hunn.

Op Basis vum deenen Annoncen a Resolutiounen ass en Text ausgeschafft ginn, dee mer dunn de 25. Januar 2024 deposéiert hunn, eeben de Gilles Baum, de Marc Baum, d'Taina Bofferding, de Sven Clement, de Fred Keup, de Marc Spautz an ech selwer. An deen ass dann och an d'Règlementskommissioun gaangen, wou et ganz zügg weidergaangen ass, soudass mer konnten de Rapport, deen haut eeben zum Vott bäidréit, den 13. Mäerz 2024 unhuelen an elo dann ab Mëtt Abrëll dann och d'Kommissiounssëtzunge wäerte kënnen – op alle Fall déi, fir déi mer eis zesummen decidéiert hunn – retransmettéiert ginn.

Do stelle sech natierlech nach eng ganz Rëtsch Froer ronderëm: A wéi enge Fäll wäert déi Retransmissioun net stattfannen? Wéi kënnen mer och d'Aarbecht an de Kommissiounssëtzungen esou organiséieren, dass do net deen een oder deen aneren da vläicht duerch den Effekt vum der Retransmissioun d'Wuert nach méi monopoliséiert, wéi dat vläicht elo schon heiansdo de Fall ass?

D'Conférence des Présidents huet sech an e puer Sëtzungen déi lescht Zäit mat Propose beschäftegt fir e Reglement, dat dann och nach wäert ugeholl ginn, e Fonctionnementsreglement. An do si jo scho Sëtzungen och déi nächst Deeg nach virun der Ouschtervakanz, wou dat mat all de concernéierte Membere kann diskutéiert ginn, soudass mer dann ab Mëtt Abrëll déi Testphas kënnen ulafe loosse, wou d'Kommissioun wäerte retransmettéiert ginn a wou dann och eng Evaluatioun gemaach gëtt iwwert déi nächst Méint, fir ze kucken, wat déi positiv an déi negativ Säite sinn, bis mer dann hoffentlech zum Schluss vum Joer zesummen zur Konkusioun kënnen kommen, dass dat dann ausgeweit gëtt op alleguerten d'Kommissiounen oder op alle Fall op e ganz laren Deel vum de Kommissiounen.

Et ass den Artikel 25 Paragraf 7, deen hei emgeännert gëtt, deen dann eeben och virgesäit, dass d'Retransmissioun sech ka maachen – hei am Rapport steet – sief et iwwert de Site internet vum der Chamber oder iwwer Chamber TV oder iwwert déi zwee. Aner Supporte sinn natierlech och envisageabel, wéi zum Beispill YouTube, fir dann een ze nennen.

An et sinn natierlech och ganz kloer Konditiounen, déi och nach fixéiert sinn. Dat ass, dass d'Kommissiounen weider net effentlech zougänglech fir de Public wäerte sinn, net elo wéi hei, wou een da kann einfach op d'Tribün sëtze kommen an nolauscheren. Et geet wierklech just reng ëm d'Retransmissioun vum

den Debaten an der Kommissioun. Dat heescht, de Public kënnt och net an eis Kommissiounssäll eran an déi physisch Participatioun an dëse Reunionen ass nach ëmmer reservéiert fir d'Deputéiert, d'Regierungsmembere an och dann déi Leit, déi sief et Deputéierter begleeten oder Regierungsmembere begleeten, oder déi, déi mer alueden, an d'Press natierlech ganz am Ufank vum de Kommissiounssëtzungen, fir dat heiten eeben esou gutt iwwert d'Bün ze bréngen, wéi mer eis dat alleguerte wënschen.

Discussion générale

Da maachen ech dat da lo esou, wéi den Här Mosar et virdu wollt maachen. Ech dinn da kuerz déi gréng Kap un an ech soen, dass mer dat heiten natierlech ënnerstëtzen. Mir hunn eis ëmmer agesat fir méi Transparenz an dësem héijen Haus. Mir sinn der Meinung, dass et extreem wichteg ass, dass politesch Decisiounen kënnen novollzu ginn. A wéi kënnen se besser novollzu ginn, wéi wann een déi ganz Diskussioun ka suivéieren?

Mir deelen elo net déi Ängschten, déi bestinn, dass doduerch eng Debatt méi politiséiert gi kann. Mir sinn hei an engem politeschen Haus. Mir sinn am politeschen Raum. Debatte si vum Natur aus politesch. Si sinn et och haut schon an de Kommissiounen. Si si et net ëmmer. Mee ech denken, dass och e politeschen Debat keen ass, dee mer sollte fäerten, an ech weess och, dass déi meescht vum Iech deen och net fäerten, soudass ech op alle Fall ganz frou sinn, dass mir hei déi éischt Etapp maachen.

An ech weess, normalerweis seet de President dem Rapporteur oder der Rapportrice Merci, stellvertriedend fir all d'Deputéiert. Ech wollt awer hei och dem Claude Wiseler Merci soe fir säin Engagement an dëser Saach. Här President, fir méi Transparenz an dësem héijen Haus: Merci!

M. Claude Wiseler, Président | Ech dierf Iech awer trotzdem nach Merci soe fir Äre mëndlechen an Äre schrëftleche Rapport an dann d'Wuert un d'Madamm Weydert weiderginn. Madamm Weydert.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol der Madamm Tanson villmools merci fir deen exzellente Rapport. Mir wäerten haut iwwer zwou Modifikatiounen vum Chambersreglement decidéieren. An dat sinn nawell keng kleng Banalitéiten, well mir hunn eis virgeholl, d'Chamber méi transparent, méi modern a méi dynamesch ze gestalten. A genee dat geschitt mat dësen zwou Modifikatiounen.

Als Éischt geet et ëm d'Publicitéit vum de Kommissiounssëtzungen vum der Chamber fir de Grand public. Am Europaparlament gradewéi a verschiddenen anere Parlamenten uechtert d'ganz Welt ass dëst scho laang eng Normalitéit. Et ass eng Demande, déi schon eng Zäitchen zrëckgeet a souwuel aus der Bevëlkerung kënnt wéi och aus der Chamber selwer. Mir starten elo mat enger Aart Pilotprojet, wou fénnef Chamberkommissiounen live iwwerdroe ginn. Dës kënnen dann, geneesou wéi d'Séance-publiques, online gestreamt oder am Replay gekuckt ginn.

Déi eigentlech Aarbecht un de Gesetzestexten geschitt jo net hei an der Chambersplénière, wou déi politesch Debate stattfannen an d'Deputéiert iwwert d'Gesetzestexten ofstëmme. D'Aarbecht geschitt wierklech an de Kommissiounssëtzungen, wou d'Deputéiert mol méi, mol manner pertinent Froen zu den Texten opwerfen, d'Avis vum de Beruffskammere an dem Staatsrot analyséieren an d'Minister an hir Beamten déi néideg Erklärungen liwweren, firwat en Text esou an net anescht geschriwwen ass. Déi Diskussiounen an der Kommissiounssëtzung kënnen, gradewéi d'Madamm Tanson et scho gesot huet,

herno vun de Praticiens besser novollzu ginn a se verstin, firwat den Text esou oder esou ass.

Un der Originn vun dëser Iddi war d'CSV. Et war déi fréier Fraktiounscheffin, d'Martine Hansen, déi schonns am Oktober 2019 kritiséiert huet, dass et un Transparenz an de Chamberskommissiounen feelt, an doropshin eng Resolutioun deposéiert huet, fir d'Setzungen ze iwwerdroen. D'Begeeschterung vun der deemoleger Majoritéit huet sech awer a Grenze gehal. En öffentleche Vott dozou war ofgeleent ginn an den Dossier ass schleefe gelooss ginn. Bon, déi viregt Majoritéit wollt zwar d'Fënstere grouss oprappen, mee näischt ass geschitt. Dofir: Dës Majoritéit paakt et un a setzt et ëm!

(Exclamations et brouhaha)

Ëmsou méi houfreg sinn ech, dass mir als CSV den Ustouss dofir ginn hunn ...

M. Georges Engel (LSAP) | Dass d'DP dat awer aushält ...

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Pardon? Pardon?

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift. Madamm Weydert.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Ëmsou méi houfreg sinn ech, dass mir als CSV dofir den Ustouss ginn hunn an dass d'Chamber méi transparent gött. An donieft erhoffe mer eis, dass den Interessi un der Politik doduerch klëmmt an d'Leit, déi net an der Chamber sinn, besser iwwert déi politesch Prozesser informéiert ginn. Mir gesinn an der Iwwerdroung vun de Chamberskommissiounen eng grouss Stärkung vun eisen demokratesche Wäerter an domat ginn ech mat grousser Freed den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

(Interruption par M. François Bausch)

M. Claude Wiseler, Président | Ech géif mengen, dass Dir nach duerno Riedezäit hutt als ... Madamm Weydert, huet Dir eng Fro u vum Här Bausch oder net?

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Jo, déi kënnt Der gäre stellen.

M. Claude Wiseler, Président | D'Madamm Weydert hält se un, dann däreft Der se stellen, Här Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Also, Dir sidd nach net laang an der Chamber, duerfir kënnt Der dat vläicht net wëssen, mee wann Der den Historique komplett wëllt maachen: Sidd Der Iech bewosst, dass änlech Initiative wéi déi Resolutioun, déi d'Madamm Hansen gemaach huet, scho laang virdru komm sinn?

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Dat hunn ech jo och gesot virdru a menger Ried.

M. François Bausch (déi gréng) | Ma nee, ech wëll Iech just soen: Déizäit, do waart Dir an der Majoritéit an Är Partei an der Regierung an do hutt Der och dergéint gestëmmt. Also, ech mengen, dass dat net gutt ass, wa mer elo hei bei esou enger Diskussioun ewéi haut, déi awer mengen ech, korrekt erofgelaf ass, erëm deen ale Pingpong do ufänken. Ech mengen, dat interesséiert dobauss kee Mënsch, géif ech soen.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Här Bausch, ech mengen, Dir waart an der Majoritéit déi lescht fënnef Joer. Do hätt laang kënne eppes geschéien an do ass näischt geschitt.

M. François Bausch (déi gréng) | Dir waart och an der Majoritéit. Dir waart virdru 40 Joer an der Majoritéit.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Jo, mee 2019 ...

M. Claude Wiseler, Président | Ech mengen, elo hale mer och op mam Pingpong, sou wéi Der gesot hutt.

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Merci.

M. Claude Wiseler, Président | An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Baum.

M. Gilles Baum (DP) | Merci, Här President. Ech maachen et e bësse méi kuerz. Et ass effektiv viru fënnf Joer eng Resolutioun gestëmmt ginn. Dat huet sech effektiv e bësse gezunn, well och d'Saachen am Land hei an op der Welt geschitt sinn, déi méi wichteg ware wéi dat hei. Ech mengen, dass dat hei en éischte Schrëtt ass. Et ass e ganz gudden éischte Schrëtt. Mir hunn e puer Kommissiounen, mat deene mir et elo mol probéieren. Et ass eng Testphas, da gött evaluéiert an da kucke mer, wéi mer weiderfueren.

D'Rapportrice huet virdru effektiv vum Projet de règlement geschwat, wéi mer dat doten elo sollen a Musek ëmsetzen. Ech hunn deen hei am Grapp. Ech hunn deen elo mam Kolleg Guy Arendt de Mëten nach gekuckt. Dee kënnt an d'Conférence des Présidents zrëck. Ech kann Iech soen, dass meng Fraktioun natierlech heimat wäert averstane sinn. Ech wëll awer just ee Wuert soen zum „d'Fënstere grouss oprappen“. Ech wëll soen, dass och ënner engem President Mars Di Bartolomeo an ënner engem President Fernand Etgen d'Chamber weesentlech moderniséiert ginn ass a weesentlech méi no bei d'Leit komm ass.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann ass d'Wuert fir den Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Merci, Här President. Ech kann do weiderfueren, wou mäi Virriedner opgehalen huet. Mir hunn et an deene leschte Jore fäerdegruecht, fir déi éischt Institutioun ze stärke mat enger ganzer Rei vun Initiativen, ugefaange bei eiser Verfassung, wou mer op Aenhéicht komm si mat der Regierung, weidergefuert mam Petitionsrecht, weidergefuert mat der Initiative législative, déi an der Verfassung virgesinn ass. An ech kann nach eng ganz Rei vu weidere Punkten opzielen.

Firwat hu mer dat fäerdegruecht? Ma well mer vun deem klassesche Majoritéit-an-Oppositions-Denken ewechkomm sinn a well mer, wann et ëm d'Chamber gaang ass, zesummegeschafft hunn. An an der Reglements-kommissioun hu mer deen heiten Accord nëmme fonnt, well mer no Weeër gesicht hunn, fir eppes ze maachen, an net no Ausrieden, fir et net ze maachen. Dofir muss ech soen, dass déi Intervention vu menger Virriednerin kontraproduktiv ass, fir weider an der Reglements-kommissioun op engem gudden Niveau ze diskutéieren.

Wann et gewollt ass, dass mer an der Reglements-kommissioun erëm Majoritéit/Opposition diskutéieren, da soll een eis dat soen. Mir sinn do net Demandeur. Mir sinn alleguer hei an dëser Institutioun, fir dës Institutioun ze verteidegen, fir se méi transparent ze maachen, fir se méi no bei d'Leit ze bréngen, fir hir méi Representativitéit ze ginn, an ech mengen, hei hu mer genee dat Richtegt gemaach. An ech wëll och expressis verbis dem President Merci soe fir säin Engagement. Dat huet net nëmme Fënsteren, mee och Dieren opgemaach. Op deem Wee sollte mer virufueren. An hei, wann et da gewëncht ass, fir Parteipolitick ze maachen ... Eng Rei vu Parteien, dorënner eis, haten dat do och an hirem Walprogramm stoen. Mir hunn also just dat gemaach, zu deem mer eis vis-à-vis vun de Wieler verpflichtet hunn.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Elo ass d'Wuert fir den Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Souwäit ech verstanen hunn, ass jo awer elo all Partei hei am Sall, déi dat dote mat ënnerschreift an dat dote wëll hunn. Duerfir géif ech och elo dervun ofgesinn, fir elo hei ze soen: Deen een, dee wëll dat méi wéi deen aneren. Fakt ass, dass jiddwereen et wëll an dass et doduerch kënnt.

Firwat kënnt et? Majo et ass ganz einfach esou, do muss een och net laang ronderëm de Bräi schwätzen: Et ass jo och eng Saach, déi mëttlerweil – a mir hunn eis do informéiert – an, mengen ech, alleguerten oder quasi alleguerten de Parlamenten op der Welt esou gemaach gött, dass déi Kommissiounen iwwerdroe ginn, wat jo och haut méiglech ass mat all deene Moossnamen. An da gött dat och gemaach.

Et stelle sech natierlech awer eng Partie Froen. Ech wëll net an den Detail goen. Mir hunn och schonn driwwer geschwat. Et si Verschiddener hei – ech net –, déi kënne sech drun erënneren, wéi d'Ambiance an der Chamber geännert huet dee Moment, wou hei d'Iwwerdroung war. Ech krut emol vum Gast Gibéryen erzielt, dass et dunn net méi dat selwecht war. Ech huelen un, dat stëmmt. A bei de Kommissiounen kann et jo och sinn, dass dat geschitt. Et muss een op verschide Saachen oppassen.

(Interruption)

Ech mengen, et dierf net verkommen zu enger Selbstdarstellung. Et muss een dann och kucken, wéi dat genee ofleeft.

(Interruption)

Ech soen elo mol: Heiansdo an der Kommissioun huet een awer d'Gefill, dass Verschiddener sech ganz gär och selwer schwätzen héieren an da véier, fënnf, sechs Froe matenee stellen, wou da 15 Minuten drop geäntwert gött. Ech mengen, dat sinn och Saachen, déi muss een duerno eeben ajustéieren, wann do Problemer optauchen.

Voilà! Dat gesot, maache mer dat hei natierlech mat.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Dann ass d'Wuert elo fir den Här Sven Clement. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, heiansdo huet een d'Gefill, dass déi éierewäert Institutioun Chamber dach awer muss an d'Zukunft oder an den Zäitalter vun der Transparenz gezu ginn a gedréckt ginn an dass se dat net ëmmer ganz fräiwëlleg mécht. Dat gesäit een un deem Projet, dee mer dann haut stëmmen, well deen huet jo eng gewësse Virgeschicht.

An déi Virgeschicht fänkt net mat de Motiounen a Resolutiounen un, iwwert déi mer ofgestëmmt hunn. Ech ka mech nach un eng Zäit erënneren – an ech war nach net an der Chamber, mee ech war awer scho politesch engagéiert –, do waren net emol d'PVe vun der Chamber öffentlech. An et huet u sech eng deemools dach kleng Oppositionspartei – se si spéider an d'Regierung komm a sëtzen elo erëm an der Opposition, dat heescht se hunn alles kal a waarm gesinn – vun deene Grénge gebraucht, déi u sech einfach déi PVe geholl an op den Internet gesat hunn. Dat ass décke Sträit hei an der Chamber ginn an ech hu mer soe gelooss, dass do och e puer e bësse méi haart Wieder gefall sinn, wéi dat gemaach gouf. An haut ass et selbstverständlech, dass déi PVen öffentlech sinn, mat e puer Ausnamen, déi mer dann no an no an d'Reglement geschriwwen hunn.

Virun 30 Joer wär et ganz normal gewiescht, datt – wann ech elo richtig rechnen – néng Deputéiert weeder e Büro nach e Laptop nach soss iergendwellech materiell Ekipement kritt hätten, knapps Riedezäit kritt hätten. Och dat huet sech missen an där Institution hei erkämpft ginn. Et ass also sécher net esou, datt et normal ass, datt hei jiddwereen enger Meinung ass. Ech menge souguer, datt och haut nach ëmmer, wa mer haut de Vott huelen, net jiddwereen der fester Iwwerzeegung ass, datt dat heiten dat Richteg ass.

Ech kann Iech awer soen, datt ech der Meinung sinn, datt et dat Richteg ass. An ech mengen nämlech, datt et dat Richteg ass, well et a Richtung Zukunft geet. Et geet an déi Richtung, déi d'Leit vun eis erwaarden. D'Zäiten, wou Politick hanner zouenen Diere konnt gemaach ginn, sinn eriwwer. An dat net eréischt säit haut, net eréischt säit gëschter, mee scho vill méi laang. An dofir ass et néideg, datt mir als Institution eis och beweegen.

Ech hunn u sech weineg Suergen ... An dofir hu mer deemools déi Resolutione matgestëmmt. Mir hunn och an der Conférence, am Büro ëmmer erëm drop higewierkt, datt dat soll weidergoen. Et ass net weiderkomm. An ech erënnere mech, datt ech heibannen e memorabelen Austausch hat mat dem Fraktiounschef vun enger Partei, dee mech elo mat ganz groussen Aen ukuckt, wéi ech gesot hunn, si géife mat zwee Féiss op der Brems stoen. Ma ech si ganz frou, datt se elo mat zwee Féiss dann op de Gas getrëppelt sinn an datt et elo virugeet. An dofir sinn ech ganz frou, datt mer dat haut hei kënnen unanime stëmmen, an ech ginn den Accord vun de Piraten.

Villmools merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

(Interruption)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Ech mengen, d'Riednerlëscht wär elo ofgeschloss.

(Hilarité)

Plusieurs voix | Nee.

M. Claude Wiseler, Président | A nee. Sorry, mee ech hunn Iech net op menger Lëscht hei stoen. Mee Dir kritt awer selbstverständlech gären d'Wuert. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Dat deet mer leed, Här President, well Der wäert et net bereien. Ech wollt nämlech och mat engem Luef notament un Iech ufänken. Dat hei ass effektiv e Schrëtt, deen eis elo vläicht selbstverständlech virkënn, mee de Sven Clement huet et ganz richtig gesot: Viru 15 Joer – et muss een net 30 Joer zrëckgoen – war et nach net selbstverständlech, datt iwwerhaapt d'PVen, déi schrëftlech PVen, effentlech waren. Dat war dann eng Initiativ vun deene Gréngen, déi dat da quasi geleakt hunn, iert dat Wuert eigentlech wierklech bekannt ginn ass oder sprochräif ginn ass.

An duerno war et souguer nach eng Risendiskussion, ob dann d'Deputéiert mat hirem eegenen Numm, wa se Interventione gemaach hunn, kënnen dosto. Do stoung dann ëmmer nëmme „Representant vun der LSAP“ oder „Representant vun der CSV“, wat fir eis ganz gutt war, well de Representant vun déi Lénk, dat war meeschtens an enger Kommissioun just een. Da wosst ee jo, wie geschwat huet, wann ee just op d'Lëscht gekuckt huet.

(Hilarité)

Déi Absurditéit ass dann och iergendwann ofgeschafft ginn. An elo hu mer dann effentlech Sätzungen – oder de Versuch dovunner –, déi kënnen nogekuckt ginn.

Ech mengen – an dat ass dat Haaptargument hanndrun – an ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt déi parlamentaresch Aarbecht an de Kommissiounen doduerch besser gëtt, well ech mengen, de Fait, datt Saachen iwwerdree ginn, fir eis alleguer en Usporn ass, eventuell d'Texter am Virfeld méi genau ze kucken, vläicht och d'Avise vun de Berufsskummeren, déi awer an der Vergaangenheet e bësse stiefmütterlech behandelt gi sinn, och an der effentlecher Sëtzung méi seriöze diskutieren an domadder déi politesch Essenz vun der Debat, déi mer hei an der Chamber solle féieren, méi räich ze maachen.

Duerfir mengen ech, datt dat hei e wichtige Schrëtt ass, iwwert deen ech mech ganz staark freeën.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Ech bereien et effektiv net.

(Hilarité)

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 8351. Den Text steet am Document parlementaire 8351¹.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8351

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Ok, da schlëssen ech de Vott of.

Ech hunn 58 Jo-Stëmmen. D'Madamm Tanson ziele mer derbäi, 59. An d'Madamm Welfring iwwert d'Procuration. Da si mer op 60 Jo-Stëmmen a selbstverständlech da keen Neen a keng Abstention.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Corinne Cahen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener (par Mme Taina Bofferding), M. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Sam Tanson);

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An hei brauche mer och net eng Dispens vum zweete Vott ze froen.

12.8352 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au temps de parole

Soumat kënnen mer zum nächsten a leschte Punkt vum Ordre du jour kommen. Dat ass den Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 8352, an zwar eng Upassung vun de Riedezäiten. D'Riedezäit ass hei nom

Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, all Fraktioun an all Sensibilitéit fënnf Minutten. An et hu sech elo schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här Gilles Baum, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Fred Keup an den Här Sven Clement. An da ginn ech dovunner aus, datt den Här Marc Baum sech och ageschriwwen huet. Ok, dann hu mer dat direkt schonn elo gekläert. Dann huet d'Wuert: d'Rapportrice vum Projet, déi honorabel Deputéiert Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Hei ass dann elo manner a Richtung Transparenz, mee méi a Richtung Liewensqualität ...

(Hilarité)

... fir jiddwereen, deen eis Debatte suivéiert, an och vläicht fir eis selwer eng Dynamisierung vun den Diskussiounen. Et ass jo ganz wichteg, dass mer Sujeten debattéieren, mee wéi de Chamberspresident nach de Moien um Radio erkläert huet: Wann een 30 Minutten huet, da mengt een, et misst een déi och fëllen, well ee soss gesot kritt, et hätt een näischt ze soen. Soudass dat eppes ass, wat natierlech soll derzou féieren, dass mer eis Messag vläicht e bësse méi kondenséiert, mee awer nach ëmmer a gudden Diskussiounen hei eriwwerbrénge kënnen an och esou, dass awer och déi Sensibilitäten a Fraktiounen, déi manner Riedezäit hunn, elo net ze kuerz kommen.

Ech denken, Dir kennt och hei de Werdegang: Et ass deposéiert ginn de 25. Januar 2024 vun deene selwechte Leit wéi déi, déi ech virdu genannt hunn. Dunn ass et och an d'Reglementskommissioun komm. An och dëse Rapport gouf den 13. Mäerz 2024 ugehall.

Mir hunn hei eng ganz Rëtsch Modifikatiounen. Eng hutt Der virdu scho materlieft. Mir praktikéieren déi schonn, si steet awer nach net formell dran. Dat ass eeben dee Modell, wou mer e Rapport maachen – wéi virdu den Här Mosar –, wou awer keng Diskussioun ass.

Deen aneren ass de Modell, wou kee Rapport an och keen Debat ass, deen dann och elo detailléiert am Reglement am Artikel 73 drasteet.

De Modèle de base bleift d'selwecht.

An dann deen neie Modell 1, dat ass dann eeben deen, dee lo wierklech e bësse gekierzt gëtt. En gros ass dat dann d'Hallschent vun deem, wat virdu virgesi war, mat engem Seuil minimal vu siwe Minutten, deen erakënn.

Deen neie Modell 2 ass den aktuelle Modell 1. De Modell 3 ass den aktuelle Modell 2. De Modell 4 ass den aktuelle Modell 3. An de Modell 5 bleift in-changé.

Et bleift och weiderhin esou, dass, wa keen Accord fonnt gëtt, dann e Modell an der Conférence des Présidents imposéiert gëtt. Dat ass da fir e Projet de loi de Modell 3, also den aktuelle Modell 2, a fir Débats de consultation an Débats d'orientation eebefalls de Modell 3. An natierlech fir déi ganz grouss a wichteg Debatten, wou och vläicht da méi Riedner zu Wuert kommen, wéi den Débat sur l'état de la nation an natierlech d'Politique financière, do spillt d'office de Modell 5.

An dann eeben och hei: Als Verriederin vun deene Grénge ginn ech den Accord da vun eis fir dës Modifikatioun. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson, fir Äre schrëftlechen an Äre mündleche Rapport.